LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Dossier de presse**

# Initiative fir d'Promotioun vum Lëtzebuergeschen am Lycée

**27 janvier 2022**

# Initiative fir d'Promotioun vum Lëtzebuergeschen am Lycée

*Den Interessi an d'Bedeitung vun der Lëtzebuerger Sprooch sinn an de leschte Jore gewuess. Fir deem gerecht ze ginn an och d'Lëtzebuerger Sprooch weider an der Gesellschaft ze verankeren ass et wichteg, hir och eng nei Bedeitung an der Schoul ze ginn: Als Fach um Stonneplang op der 4e an an Zukunft och als 4. Sprooch op den ieweschte Sektiounen.*

## 1. Fach Lëtzebuergesch op der 4e

Mam Schouljoer 2021/22 ass Lëtzebuergesch als Fach op der 4e am Enseignement secondaire classique an Enseignement secondaire général agefouert ginn, mat enger Stonn pro Woch. Domat ass d'Fach am ieweschte Cycle integréiert ginn, amplaz wéi bis elo op der 7e. D'Schüler an deem Alter hu kritesche Geescht an Aschätzungsverméigen, fir sech mat der Sprooch, dem Land a senger Kultur respektiv senge Kulturen auserneenzesetzen. Si sollen sech an deem Cours op villfälteg Aart a Weis mat de Facettë vun eiser Sprooch beschäftegen.

**Programm**

Am Fach „Lëtzebuergesch" kréien d'Schüler en allgemengt Wëssen iwwert Lëtzebuerg. Dobäi gëtt sech op dräi Haaptvolete konzentréiert :

- Allgemengt Wëssen iwwert d'Lëtzebuerger Land an d'Gesellschaft : Hei gi wichteg Etappe vun der Lëtzebuerger Geschicht, wichteg Perséinlechkeeten oder och Traditiounen ugeschnidden. Och aktuell Theemen an d'Liewen zu Lëtzebuerg ginn diskutéiert.
- D'Lëtzebuerger Sprooch : D'Grondreegele vun der Schreifweis vum Lëtzebuergesche gi geléiert an a kreative Schreifübungen trainéiert. Wann de Besoin besteet, kënnen awer och d'sproochlech Feeler, déi d'Schüler an den Diskussiounen am Cours maachen, opgegraff ginn, fir hir mëndlech Ausdrocksfäegkeet ze verbesseren. Donieft ginn d'Sproochgeschicht, d'Roll vun de verschiddene Sproochen an der Gesellschaft an och d'Méisproochegkeet respektiv d'Interkulturalitéit behandelt.
- D'Lëtzebuerger Kultur : An dësem Deel kënnen ënnert anerem d'Literatur, den Theater, d'Musek, d'Medien oder och de Film zu Lëtzebuerg am Cours beschwat ginn, sou datt d'Schüler en Iwwerbléck iwwert d'kulturellt Liewen zu Lëtzebuerg kréien.

**Léiermaterial**




Déi verschidden Theeme gi mat Texter aus der lëtzebuergeschsproocheger Literatur oder och mat Aktualitéitstexter verbonnen, déi den Ausgangspunkt fir d'Diskussiounen am Cours duerstelle sollen.

Fir deen Zweck gouf een elektroneschen Dossier mat interessanten Texter op Lëtzebuergesch zesummegestallt, deen de Schüler an den Enseignanten als E-Reader zur Verfügung steet.

Doranner fënnt een dës dräi 3 Voleten :

- *Typesch Lëtzebuerg ?* Traditiounen, Geschichten a Mentalitéiten
- Sprooch a Sproochen
- Literatur op Lëtzebuergesch entdecken




Wat de Volet vun der Orthografie ugeet goufen 30 kuerz Videoen ausgeschafft, déi d'Haaptreegele vun der Orthografie an der Lëtzebuerger Sprooch einfach an uspriechend beschreiwen. Dës Videoe kënnen kënnen engersäits an der Schoul agesat ginn, an anerersäits vum breede Public consultéiert ginn. Den Ament sinn der 23 online.

http://edulink.lu/fzng

Vum 28.01.2022 u ginn dës Clippe freides a samschdes am Owesprogramm vun RTL Télé Lëtzebuerg gewisen.

## 2. Aféierung vu Lëtzebuergesch als 4. Sprooch op der A-Sektioun

Am Kader vun engem Pilotprojet geet de Lycée Michel-Rodange fir d'Schouljoer 2022-2023 op de Wee vun enger A-Sektioun mat Lëtzebuergesch als 4. Sprooch. Nieft Spuenesch an Italieenesch kann een an Zukunft also och Lëtzebuergesch als 4. Sprooch wielen.

De Programm ass breet gefächert, an et gi vill Aspekter vun der Sprooch a vum Land behandelt:

- **Literatur**
  D'Lëtzebuerger Sprooch vun haut an d'Méisproochegkeet vum Land hunn sech entwéckelt mat der Geschicht vu Lëtzebuerg a mat der Literatur. D'Lëtzebuerger Sprooch huet vill verstoppte Pärelen an Eegenheeten, déi an de Coursen ze entdecke sinn.

- **Linguistik an Orthografie**
  D'Lëtzebuerger Sprooch gëtt beschriwwen an erkläert, notamment hir Geschicht an hire Fonctionnement anhir Roll an der Gesellschaft. Donieft kréien d'Schüler déi néideg Kompetenzen an der Lëtzebuerger Orthografie an an der Grammaire vermëttelt.

| |
|---|
| Lëtzebuergesch op der A-Sektioun $3^{e}$ bis $1^{re}$ |
| Lëtzebuergesch kann als 4. Sprooch op der Sektioun A gewielt ginn, alternativ zum Spueneschen oder Italieeneschen. |
| De Cours huet 3 Stonnen d'Woch op $3^{e}$ a 5 Stonnen op $2^{e}$ a $1^{re}$. |

## 3. Lëtzebuergesch als zousätzlech Sprooch op de Sektioune B bis G

Op deenen anere Sektioune kann ee vum nächste Schouljoer un am Lycée Michel-Rodange nieft Spuenesch, Chineesesch an Italieenesch och Lëtzebuergesch als zousätzlech Sprooch wielen. De Programm geet iwwer d'Literatur, d'Kulturgeschicht, d'Linguistik an d'Orthografie.

| |
|---|
| Sektioune B, C, D, E, F a G<br>vun 3e bis 1re |
| Lëtzebuergesch kann als zousätzlech Sprooch gewielt ginn. |
| De Cours huet 3 Stonnen d'Woch vun 3e bis 1re an ersetzt op 3e den Optiounscours an op 2e a 1re Däitsch oder Franséisch. |

## 4. Zertifikat Lëtzebuerger Sprooch a Kultur (ZLSK)

Zousätzlech zum Lëtzebuergeschcours hu souwuel d'Schüler vun der A-Sektioun wéi och d'Schüler vun de Sektioune B-G d'Méiglechkeet, wärend deenen 3 Joer och den "Zertifkat Lëtzebuerger Sprooch a Kultur" ze maachen. Nieft dem normale Schoulcours mat Elementer aus der Literatur an der Linguistik musse si dofir am Kader vun der Optioun op der 2e de Module Didaktik mat Succès ofschléissen. Mam ZLSK, deen déi concernéiert Schüler da mam Premièresdiplom iwwerreecht kréien, hu si d'Méiglechkeet, fir Lëtzebuerger Sproochecoursen an der Erwuessenebildung bei de Gemengen oder am konventionéierte Secteur ze halen. Esou kënne si nieft dem Studéiere Sue verdéngen, mee awer och wichteg Praxiserfarung sammelen.

## 5. Perspektive fir de Studium a fir de Beruff

An der Educatioun ginn ëmmer méi Enseignantë gebraucht, fir Lëtzebuergesch ze enseignéieren.

2009 gouf op der Uni Lëtzebuerg de Master am Lëtzebuergeschen an d'Liewe geruff. Duerch de Master in Secondary Education – Luxemburgistik ass et méiglech, verstäerkt spezifesch forméiert Enseignanten an d'Lycéeën ze kréien, déi dat Fach kënnen halen, an zanter 2015 gëtt Lëtzebuergesch och als eege Spezialitéit unerkannt. An de leschten 10 Joer goufen iwwer dee Wee knapp 50 Leit mat Master am Enseignement rekrutéiert, sief et am Lycée, sief et an der Formation des adultes.

Den Ament si 27 Studenten ënnerwee fir hire Master ze maachen (11 am éischte Joer a 16 am zweete Joer).

**Retrouvez l'actualité du ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse sur www.men.lu et sur Facebook**